

Evangelium vum 28. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

Mk 10,17-30

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 17 Et kouw een op de Jesus duergelaf,
ass virun him op d'Knéie gefall
an huet hie gefrot: "Gudde Meeschter,
wat muss ech maachen, fir dat éiwegt Liewen ze kréien?"
- 18 De Jesus sot zu him: "Firwat nenns du mech gutt?
Gutt ass nëmme just den Herrgott, a soss keen!
- 19 Du kenns jo d'Geboter:
*Du solls keen doutmaachen,
du solls d'Bestietnes net brieche,
du solls net stielen,
du solls keng falsch Zeienausso maachen,
du solls kengem eppes ewechhuelen,
du solls däi Papp an deng Mamm an Éieren halen!"*
- 20 De Mann huet him geäntwert: "Meeschter,
un all dat hunn ech mech vu Jonktem u gehal."
- 21 De Jesus huet hie gekuckt an hien dunn an d'Häerz geschloss,
an hie sot zu him: "Eppes feelt dir nach:
Géi, verkaf alles, wat s du hues,
a gëff deenen Aarmen,
an du kriss e Schaz am Himmel.
Da komm erëm a komm mir no!"
- 22 De Mann awer ass traureg ginn iwwer dës Wierder
a goung verdrësserlech fort,
well hien hat e grousst Verméigen.
- 23 De Jesus huet ronderëm sech gekuckt
a sot zu senge Jünger:
"Wéi schwéier ass et fir déi, déi e grousst Verméigen hunn,

- an dem Herrgott säi Räich eranzekommen!"
- 24 D'Jünger sinn iwwer seng Wierder erféiert.
De Jesus awer sot nach eng Kéier zu hinnen:
"Kanner, wéi schwéier ass et, an dem Herrgott säi Räich eranzekommen!
- 25 Et ass méi liicht fir e Kaméil, duerch d'Lach vun enger Nol ze kommen,
wéi fir e Räichen, an dem Herrgott säi Räich eranzekommen!"
- 26 Du waren si nach méi ausser sech
an hunn een deen anere gefrot:
"A wie kann dann iwwerhaupt nach gerett ginn?"
- 27 De Jesus huet si gekuckt
a sot: "Fir d'Mënschen ass dat onméiglech,
ma net fir den Herrgott,
well fir den Herrgott ass alles méiglech."
- 28 Dunn huet de Péitrus d'Wuert ergraff a sot zu him:
"Kuck, mir hunn alles stoen a leie gelooss a sinn dir nokomm!"
- 29 De Jesus sot: "Amen, ech soen iech:
Et gëtt keen, deen säin Haus, seng Bridder oder Schwëstere,
Mamm, Papp oder Kanner, oder seng Stécker
wéinst menger a wéinst dem Evangelium zréckgelooss hätt,
- 30 an deen net elo, nach an dëser Zäit,
matzen a Verfolgungen
honnertfach Haiser, Bridder a Schwëstere,
Mammen a Kanner a Stécker krit,
an an där Welt, déi kënnt, dat éiwegt Liewen."

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*

ⁱ Ex 20,12-16; Dtn 5,16-20; Sir 4,1 LXX.